



**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2434 vum 11. Juni 2025 vum éierbaren Deputéierten Sven Clement**

- 1. Wéi bewäert d'Regierung et datt eng grouss Neobank de lëtzebuergesche Maart als "net an der onmëttelbarer Feuille de route" bezeechent?**
- 2. Wat fir konkret Schrëtt ënnerhëlt d'Regierung fir ze garantéieren datt nei Fintech-Servicer gläichzäiteg zu eisen Nopeschlänner och zu Lëtzebuerg lancéiert ginn?**
- 3. Firwat dauert d'Implementéierung vum Wero-System zu Lëtzebuerg méi laang wéi an der Belsch, obwuel d'EPI schonn zënter 2024 existéiert an änlech Infrastrukturen zu Lëtzebuerg scho verfügbar sinn?**
- 4. Wéi koordinéiert sech d'Regierung mat de lëtzebuergesche Banke fir ze garantéieren, datt d'Integratioun an europäesch Bezuelssystemer ënnert der beschleunegter Timeline realiséiert gëtt?**
- 5. Wat fir Incitatiounen oder regulatoresch Erliichterunge kéinten ageféiert ginn, fir multinational Fintech-Firmen z'encouragéieren hir Servicer méi fréi zu Lëtzebuerg ze lancéieren?**
- 6. Wéi plangt d'Regierung de bestoenden Fintech-Ekosystem zu Lëtzebuerg ze stäerken, sou datt lokal Alternativen zu internationale Servicer entstinn?**
- 7. Gëtt et eng national Strategie fir ze verhënneren, datt Lëtzebuerg systematesch bei der Aféierung vun neien digitale Finanzservicer hannendran ass?**
- 8. Wéi evaluéiert d'Regierung d'Risiken, datt d'Vernoléissegung vum lëtzebuergesche Maart duerch international Fintech-Firmen d'Attraktivitéit vun der Finanzplaz op laang Siicht beaflosse kéint?**
- 9. Wat fir Mesurë gi geholl fir eng bessere Koordinatioun tëschent nationalen Administratiounen, europäeschen Institutiounen an der Privatwirtschaft ze garantéieren, fir d'Zäitpläng vun digitalen Innovatiounen ze synchroniséieren?**

Den éierbaren Deputéierte stellt eng Rei Froen zur Fintech-Entwécklung an Aféierung vun neien digitale Finanzservicer zu Lëtzebuerg.

Dës Regierung setzt sech weiderhin dofir an, de Finanz- a Fintech-Standuert ze stäerken an e kompetitive Kader fir national an international Akteure ze bidden. Lëtzebuerg ass schonn haut en unerkannte Fintech-Hub. Eng Lëscht vun alle Firmen, déi beim Luxembourg House of Financial Technology (LHoFT) hebergéiert sinn, fënnt sech hei: [Luxembourg's Leading Financial & Technology Ecosystem - LHoFT](#)

Och déi rezent Ukënnegung vun enger internationaler Fintech-Firma, hiren europäesche Sëtz zu Lëtzebuerg opzebauen, ënnersträicht nach eemol d'Attraktivitéit an d'Expertise vun der Finanzplaz a weist déi innovatiounsfrëndlech Ausrichtung vu Lëtzebuerg. Dëst ënnerstëtzt och de lokale Fintech-Ökosystem.

D'Regierung engagéiert sech fir eng staark Zesummenaarbecht op europäeschem an internationalem Niveau fir d'Innovatioun ze fërderen a féiert en oppenen Dialog mat alle relevanten Akteuren.



Ofschléissend sief drop verweisen, dass rezent 5 Banken ëffentlech confirméiert hunn, dass de vum Deputéierte genannte Bezuelsservice ab Métt 2026 zu Lëtzebuerg verfügbar wäert sinn. Nach ass et net un der Regierung, sech an d'kommerziell Strategie vun eenzele Betriber anzemëschen.

Lëtzebuerg, den 30. Juni 2025  
De Finanzminister  
(s.) Gilles Roth